

Lëtzebuerg, den 20. Juli 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an un den Här Minister fir Energie weiderzeleeden:

„Den Ausbau vun den erneierbaren Energien ass eng vun de Prioritéite vun der Regierung am Kampf géint de Klimawandel. Eng interessant Pist ass de Modell vum Prosumer, also der Produktioun a Consommation vun Energie op lokalem Niveau, deen duerch d'Regierung och schonn op déi eng oder aner Manéier ënnerstëtzt gëtt.

D'Autoconsommation vun nohaltegem Strom beschränkt sech allerdéngs am Moment op PV-Anlagen, während Wandkraft éischer am Kader vu grouse Wandparke genotzt gëtt.

Déi spuenesch Firma Vortex Bladeless huet eng Turbinn entwéckelt, deen duerch de Wand a Schwéngung geréit an op déi Manéier Strom produzéiert. De Modell ass mat maximal 3 Meter Héicht däitlech méi kleng ewéi normal Wandrieder a kéint och ënner gewësse Konditionnen z.B. um Daach vu Büroen oder Wunnhaiser installéiert ginn.

Donieft gëtt et um Marché och e grouse Choix u vertikale Wandturbinnen, déi geneesou fir d'Stromproduktion a klengem Moossstaf agesat kéinte ginn an PV-Anlagen ergänze kéinten.

An deem Kader wollte mir der d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Här Minister fir Energie folgend Froe stellen:

- *Ass d'Regierung au courant vun dese Wandturbinnen?*


9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07


dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Ginn et Iwwerleeungen, ënner gewëssen Ëmstänn d'Installatioun vun esou Wandturbinnen mat méi niddreger Leeschtung z.B. doheem um Daach oder am Gaart ze erlaben? Wa jo, wat wieren d'Konditiounen?*
- *Ass d'Regierung bereet, esou Wandturbinnen, änlech ewéi PV-Anlagen, ze subventionéieren? Wann net, firwat net? "*

Mat déiwem Respekt,



Max HAHN
Deputéierten



Claude LAMBERTY
Deputéierten